

Samschdeg, 17. September 2016

Commemoratiounsfeier zu Hinzert

D'Amicale Hinzert, an Zesummenaarbecht mam Service mémoire vum Staatsministère, luet all Lëtzebuenger Resistenzorganisatiounen an, sech un de Gedenkfeieren zu Hinzert e Samschdeg, de 17. September 2016, ze bedeelegen, wa méiglech mat hire Fändelen. Och un d'Famillje vun den Affer, an doriwwer eraus un all Lëtzebuenger, riicht sech dësen Appell.

De Programm fir dësen Dag:

- **um 14 Auer ass déi Lëtzebuenger Feier bei der Kapell.**

D'Mass gëtt gelies vum Abbé Patrick Muller; fir de Gesang suert d'Chorale D'Sänger vun der Heed, ënnert der Direktioun vun der Madame Marie-Paule Johans-Hamer. Si gi begleet vum Här Jean Schon.

Clairon d'honneur: Här Edmond Faber.

Bei schlechtem Wieder gëtt déi Feier am Dokumentatiouns-Center ofgehalen.

Um 15.30 Auer ass déi international Feier am Dokumentatiouns-Center:

Dëst Joer gëtt d'Usprooch gehale vum Här Franck Ristori, Consul général adjoint vu Frankräich zu Frankfurt.

D'Horairë vun deenen 3 Bussen, déi de 17. September 2016 op Hinzert fueren:

Bus A Stephany:

10.55	Troisvierges: gare
11.00	Troisvierges: commune
11.35	Ettelbruck: gare
11.45	Diekirch: gare
11.50	Bastendorf
12.25	Echternach: gare
13.35	Hinzert

Bus B Stephany:

(nëmme fir d'Chorale D'Sänger vun der Heed)

Umeldung fir d'Bussen A a B:

Autobus Stephany, Tel.: 99 81 32

bis spéitstens e Mëttwoch, de 14. September 2016

Bus C Demy Cars:

11.35 Eischen: garage Demy Cars
11.45 Hobscheid: école
12.00 Saeul: école
12.05 Brouch: église
12.15 Mersch: centre Marisca
12.45 Luxembourg-Glacis (Busparking)
13.05 Wasserbillig: frontière autoroute (P+R Autobunn Richtung Tréier)
13.25 Hinzert

Umeldung fir de Bus C:

Anne-Marie Toussaint, Tel.: 39 90 58

bis spéitstens e Mëttwoch, de 14. September 2016

Wichtig: Fir dass d'Busse mat Zäit zu Hinzert ukommen, müssen d'Zäite vum Fierplang genee agehale ginn! De Bus fiert pénktlech fort!

Communiqué par le ministère d'État / Comité directeur pour le souvenir de la Résistance